E.d.F. Sektion Norden
p.a. Francis Brück
2 Place de la Libération
9711 Clervaux

Clierf den 12. Mè 1986.

Léf Komeroden!

No Recksproch matt Hamessen Jang opm Kongress vu gester schecken ech Iech Heimatt èen Artikel watt eis Austellung "Doudebiller leien net" betrefft!

Ech biéden Iech desen Artikel an eisem nächste Bulletin ze veröffentlichen.

Am Viraus vällmols merci a komerodschaftlech Gréss.

Francis Brück.

Sektion vum Norden

D'Enrôlés de Force vun der Sektion vum Norden a besonnesch d'A.S.B.L. "Vum zwète Weltkrich Doudebiller leiehnet" dé dest Johr den 1. Märzgegrennt gin ass soen all dénem merci dé nach so vill Doudebiller zogescheckt huh. D'Appellen am den Zeitungen hâten èn immense succès. Vill Biller hâte mir schon, mais et sin nach vill neier derbei komm.
Vun all Bild dât un Leit muss zereckgescheckt gin hu mir eng Photocopie gemach an jidféeren kritt seng Biller zereckgeschekt wann dât nach net geschitt ass.
Durch dé vill nei Biller musse mir ganz Ausstellung nei zesummenstellen. Wochelang hu mir gesennert a klasséert a mir sen lo am Gang Biller nei opzedroen.
Mir hâte fest matt enger neier Ouverture am Laf vum Mount Juni gerechent.
Leider sin dé nei Pannoen dé am Prisongzu Schrassig gemacht gin kaum fir desen Datum ferdeg.
Mir machen all Efforen datt d'Ausstellung so séer wé méglich kann obgoen an de genauen Datum gi mir durch d'Press bekannt.
Sektionen oder Gruppen dé de Besuch vun der Ausstellung plangen de sollen eisem Président Francis Brück (Tel. 91825) am Viraus kontraktéeren well soss d'Ausstellung nemmen a Verbindung matt dénen âneren permanenten Austellungen (Maquetten a Steichen) besicht ka gin.
Mir hu vum enger Person zwé Johrgäng vun eiser fréiren Zeitung "Ons Jongen (1947 a 1948) geschenkt kritt.
Lo wire mir och un dénen anere Johrgäng interesséert an och un alle Johrgäng vun eiser Zeitung "Les Sacrifiés" fir eis Ausstellung och matt Dekumenter opzefellen.
All Leit de so Sachen kennten zur Verfügung stellen sollen sech un eise President wenden.
Am Viraus soen mir scho villmols merci'